

Entrevue vum 17. Juni mat dem Schëfferot

De Schëfferot war vertraueden duerch de Buurgermeeschter A. Bodry an d'Schëffen Loris Spina a René Manderscheid.

Lärmschutzwänn laanscht d'Autobunn

Den A. Bodry huet wëlles en aktuellen Audit betr. der **Kaméidisbelästegung an der Nuecht** ausschaffen ze loossen, well hien der Meenung ass, dass de Niveau vum Kaméidi an der Nuecht zënter Summer 2011 (Etude Luxcontrol) souwisou schon an deem Mooss geklommen ass, dass Pt& Ch. och ouni Extensioun vum Container Terminal Lärmschutzwänn musse bauen.

Verdeelerkreess

Den A. Bodry huet bestätegt, dass eng Etude betr. engem **generellen Verkéierskonzept** zum Raum **Diddeleng, Betebuerg a Kayl** an der Maach ass; déi gëtt ugefertegt iwwert d'**Bureau'en Zeien& Baumann** (déi och de PAG vun der Stad Diddeleng ausschaffen) an dem Bureau **Schroeder & Associé**.

Mär hunn do gemengt, dass sou e Virgehen "d'Päerd vun hannen gesuedelt ass", wann fir d'1. de Verdeelerkreess gebaut gëtt, an dono réischt d'Resultater vun der Analyse vum Verkéier an dem Raum um Dësch leien.

Den A. Bodry huet awer och bestätegt, dass de **Gesetzesprojet** fir d'Extensioun vum Container Terminal inkl. dem Verdeelerkreess (effektiv muss d'Chamber e Gesetz stëmmen, well di finanziell Envergure vun dem Stroossebauprojekt dat verlaangt) wahrscheinlech nach **virun der Sommervakanz der Chamber zum Vote virgeluecht gëtt**.

De **Romain Molitor** vum Bureau d'Etude komobile, dee soll eng **Variant** zu dem iwwerdimensionéierte Verdeelerkreess ausschaffen, ass tëscht dem **2. a 5. Juli zu Diddeleng**. De Schëfferot veranlasst, dass hie sëch mat eis trëfft.

Conc. de Poids Lourd Verkéier am Agang vun Diddeleng hu mer proposéiert, dass d'CFL soll hire **Centre Routier Sécurisé och fir aner Spediteuren opmaachen**, déi net onbedengt Client vun CFL-Cargo sinn, fir dass de Chaos bei der Texaco Tankstell ophéiert; den A. Bodry huet versprach d'CFL-Cargo op dee Punkt hin unzesprechen.

Dorops huet hien eis och informéiert, dass d'**Gemeng mat dem Bedreiwler vun der Q8 Tankstell viru Geriicht ass**, betr. dem **Ausbau vun der Q8 Tankstell** op dem Terrain vun dem fréiere Aeromodellbuttek Sfredda.

Mär hun och suggeréiert, dass d'**Douanesverwaltung** bei der **Texaco Tankstell** e ganzen Dag

eng **Kontroll mëcht**, ob d'Poids Lourd'en, déi do tanken wiirkelech alleguer en "**rupture de stock**" sinn, well just dann hätten se d'Erlabnis ausserhalb vun der Autobunninfrastruktur hiren Tank ze fëllen.

Den A. Bodry huet kee Problem gesinn an déier Hisiicht bei der Douanesverwaltung z'intervenéieren.

Mär hunn och nach eng Kéier gefrot, dass de **CID** fir d'Diddelenger Leit eng **Opklärungsversammlung** mëcht, wat et mat de sougenannten **SEVESO Direktiven** op sech huet, well net nëmmen den zukünftigen Container Terminal ass e SEVESO Betrieb, mee och Luxguard a Galvalange sinn SEVESO Betreiber

Compensatiounen a Baachrenaturéierung

Den A. Bodry huet eis gezielt, dass d'Waasserwirtschaftsamt hydraulesch Etude gemat huet, fir d'**Diddelenger Baach** ze verlee'en, mee anscheinend net an dat alt Baachbett (wou eng Vegetatioun besteet), mee et muss **e neit Baachbett gegruewe** ginn, dat déiw genuch läit, fir dass et net zu Réckstaue kënnt, wat Waasser an de Kellere vun den Diddelenger Awunner géif bedeiten.

Den A. Bodry huet och ënnerstrach, dass d'**Compensatiounsmoossnahmen** fir d'Zerstéierung vun der Natur op dem Site vun dem neie Container Terminal méi ëmfangräich sinn, wéi dat wat an der Autorisatioun vum MDDI fir d'Ofholzen z'erlaben stoung, hien huet gesot, dass de Schëfferot och drop hält, dass d'Compensatiounen **op Diddelenger Territoire stattfannen**; anscheinend lafen d'Preparativen vum Staat fir Terrain opzekafen, resp. ze tauschen, fir dass d'Compensatiounen kënnen stattfannen.

Mär hunn an dem Kontext drop higewisen, dass di 1. Kompensatiounen mussen am Hierscht 2013 gemat ginn. Et soll en Eechebësch ugeluecht ginn, wéi et an de Conditionen vun der Autorisation stoung.